

M. Marco Schroell), MM. Gusty Graas, Paul Helming (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Alexandre Krieps), MM. Jean-Paul Rippinger et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jos Scheuer), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jean Asselborn), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi.

Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira et Mme Renée Wagener;

M. André Hoffmann.

Da komme mer elo zu der Motioun 4.

Vote

Déi fir d'Motioun 4 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

D'Motioun 4 ass verworf mat 44 Nee-Stëmmen, 11 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun.

Ont voté oui: MM. Jean Colombero (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Jean-Pierre Koepp (par M. Jacques-Yves Henckes);

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par M. Willy Bourg), Norbert Hauptert, Ady Jung, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Patrick Santer), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par Mme Nelly Stein), MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Nicolas Strotz) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Claude Meisch), Gusty Graas, Paul Helming (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Gusty Graas), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jos Scheuer), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jean Asselborn), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi.

S'est abstenu: M. André Hoffmann.

Domat wären d'Motiounen ofgeschloss a mir kéimen zu eisem nächste Punkt um Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi 4638 iwwert d'Entsuerung vum Asbest am Gebai vun der europäescher Cour de Justice um Kierchbierg.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Willy Bourg.

4. Projet de loi 4638 relatif au désamiantage du Palais de la Cour de Justice des Communautés européennes à Luxembourg-Kirchberg

Rapport de la Commission des Travaux publics

M. Willy Bourg (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet N° 4638 iwwert d'Décontaminatioun vum Palais de Justice vum europäesche Geriichtshaff ass ee vun deene Projeten, déi a wierklech kuerzer Zäit - manner wéi 3 Méint - den Instanzewee duerchlaf hunn. Dëst kann een nëmme begrëssen. Schliesslech mussen a sollen d'Aarbechten, déi dëst Gesetz virgesäit, esou schnell wéi méiglech an Ugrëff kënnen geholl ginn.

Dëst Gebai vum europäesche Geriichtshaff ass Ufanks de 70er Jore gebaut ginn. Déi speziell Metallkonstruktioun, déi ganz schnell no baussen als Wärrzeeche vun dëser Institutioun bekannt gouf, huet awer eng Rei Nodeeler. Een dovun ass déi schlecht Resistenz géintwärt dem Feier. Dofir war an der Zäit eng Isolatioun mat Sprëtzasbest gemaach ginn.

Den Asbest ass jo laang Zäit weinst senger verschidene positiven Eegeschafte als Wärrmaterial bezeechent ginn. Den Asbest ass feier- an hëtzeresistent, huet eng ganz héich chemesch Stabilitéit, an ass besonnesch gutt géegent fir ze isoléieren. Dofir ass den Asbest Enn de 60er, Ufanks de 70er Jore vill an der Konstruktioun agesat ginn, wat sech leider ganz geschwënn als kapitale Feeler erausgestallt huet.

Zu dëser Zäit waren déi kribberregend Eegeschafte vum Asbest nämlech nach net bekannt.

Eng ganz Rei Gebaier, déi am virgenannten Zäitraum gebaut goufen, hunn an der Zwëschenzäit weinst der Presenz vum Asbest misse fir vill Suen décontaminéiert ginn. Dëst ass souwuel hei zu Lëtzebuerg, wéi och am Ausland de Fall gewiescht. Eent vun dëse Gebaier war de Bâtiment Berlaymont, de Sëtz vun der Europäescher Kommissioun zu Bréissel. Dëst Gebai ass besonnesch an d'Schlagzeile komm, well d'Décontaminatiounsarbechte mat enger gewësser Noléissegkeet duerchgefouert goufen.

De Verlaf vun dësen Aarbechten huet d'Personal vum europäesche Geriichtshaff dozou verleet, fir mat Nodrock op de Problem vum Palais de Justice opmierksam ze maachen an eng méiglechst schnell Léisung ze verlaangen.

Obschonn regelméisseg Analysen am Palais vum europäesche Geriichtshaff gewisen hunn, datt den Taux vum Asbest an der Loft ënnert dem zoulässegen Taux läit

a loung, an d'Situatioun sech am Laf vun der Zäit och net verschlechtert huet, huet de Gerichtshaff 1996 op Grond vun engem Rapport vun engem däitschen Expert an op Grond vun de Protester vum Personal drop bestanen, fir Ersatzbureauen ze kréien. Och soll de Palais de Justice esou schnell wéi méiglech décontaminéiert ginn. D'Expären hu weider festgehalten, datt d'Gebai net nach méi laang wéi dräi Joer därft benotzt ginn.

Well déi benéidegt Bureauen net an de bestehenden Infrastrukture fräi waren, ass eng Containerléisung fonnt ginn, déi awer en Transfert vun enger ganzer Rei Servicer vum europäesche Gerichtshaff als Konsequenz hat. Dës Aktiounen sinn an der Zwëschenzäit alleguer ofgeschloss, esou datt d'Aarbechte fir d'Gebai vum Palais de Justice ze décontaminéieren elo kënnen ufänken. No dësen Aarbechte wäert déi véiert Vergréisserung vum europäesche Gerichtshaff an Ugrëff geholl ginn. Ech wäert nach do-rop zrëck kommen.

Ech wëll fir d'éischt drop hiweisen, datt et eng ganz strikt Reglementatioun gëtt, fir mat Asbestprodukter ëmzegoen. Och ass een däitsche Bureau d'études mat der Planifikatioun vun de Sanéierungsarbechte beoptragt ginn.

Eng genee technesch Beschreiwung vun den Aarbechte fannt Dir am Exposé des motifs, deem dem Projet de loi bäigeluegt ass.

Ech wëll just kuerz op déi dräi Etappen agoen, déi d'Aarbechte virgesinn:

1) D'Installatioun vum Chantier ass immens wichteg.

Fir sécher ze goen, datt d'Ëmwelt net polluëiert gëtt, müssen d'Aarbechten alleguer "en vase clos" geschéien. Dat implizéiert d'Schafe vu Sécherheets- a Begrenzungs-zonen.

Déi éischt Sécherheitszon ass d'"Enceinte générale du chantier", déi clôturéiert gëtt an enger permanenter a strikter Iwwerwaachung ënnerläit. Déi zweet Sécherheitszon ass och déi éischt "Zone de confinement", also d'Begrenzungszone.

Eng "Zone de confinement" ass een Espace, deem hermetesch ofgeschloss ass, an dobäi ënner Ënnerdruck steet, esou datt keng Pollutioun vun der Ëmwelt méiglech ass. Den Zougank zu enger "Zone de confinement" geschitt duerch eng oder méi Schleisen.

D'Enveloppe vum ganze Gebai ass déi éischt "Zone de confinement". D'Gebai selwer ass déi zweet "Zone de confinement".

2) D'Décontaminatiounsarbechte selwer.

Ier mat dësen Aarbechten ugefaange gëtt, müssen all Opbauten an Zwëschebauten, wéi zum Beispill falsch Plafongen, Zwëschewänn, an esou weider démontéiert ginn, fir un de Sprëtzasbest erunzekommen.

Läit d'Metallstruktur fräi, gëtt de Sprëtzasbest duerch Usaagen agefaangen an a speziell Behälter gelagert.

Duerno gëtt de ganze Bau bis op seng elementar metallesch Struktur vidéiert.

All dës Aarbechte müssen ënnert deene selwechte Sécherheetsbedingunge geschéien, well och d'Zwëschewänn oder aner Strukture kënnen asbestverseucht sinn.

3) D'Behälter mam Asbestoffall ginn duerno entweder a Spezialwierker recycléiert oder a speziell Dépôte gelagert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hat schon d'Extenssioun vun de Gebailechkeete vum europäesche Gerichtshaff kuerz ugeschwat. Wéi gesot, wäert d'Vergréisserung, déi um Site vum Palais de Justice wäert gemaach ginn, an déi de Palais als Mëttelpunkt mat abezitt, dee véierten Ausbau vun dëse Gebailechkeete sinn.

Firwat dës nei Vergréisserung?

Säit dem Bau vum Palais de Justice Ufanks de 70er Joren, ass d'Europäesch Gemeinschaft vill méi grouss, an d'Aarbecht vum europäesche Gerichtshaff méi diversifiéiert ginn. Et schaffen also méi Leit um Gerichtshaff wéi deemools.

Och ass 1988 een Tribunal de Première Instance geschafe ginn, dee genau wéi d'Cour seng eegen Infrastruktur brauch, awer och seng eegen Dynamik huet.

Ech wëll och drop hiweisen, datt déi national Gerichter ëmmer méi op den europäesche Gerichtshaff zrëckgräifen. Dëst och, well si sech zum Deel an deem ganzen europäesche Rechtswirrwarr net méi esou einfach zurechtfannen.

Här President, dës véiert Vergréisserung ass also noutwendeg, fir den heitege Bedürfnisser vum europäesche Gerichtshaff gerecht ze ginn. Et dierft awer déi lescht sinn, well um Site vum Gerichtshaff kaum nach Plaz ass fir weider Bauten. De Site wäert also nom Ofschloss vun den Aarbechte véier Komponenten hunn: d'Gebai, wat elo ëm de bestehende Palais gebaut gëtt, de Bâtiment Erasme, de Bâtiment Thomas Moore an den Tribunal de Première Instance. Dës dräi Gebaier sinn als dräi Vergréisserungsphasen vum europäesche Gerichtshaff an deene leschte 15 Joer gebaut ginn.

Wann ech elo grad gesot hunn, datt et fir d'lescht wäert sinn, datt de Gerichtshaff op dësem Site ausgebaut gëtt, esou mussen mir eis Gedanke maachen, wéi mer an Zukunft un den Ausbau vun den Institutiounen eruginn. Wann déi Länner, mat deene momentan Verhandlungen gefouert ginn, eemol an der Europäescher Unioun wäerte sinn, dann hu mir bal duebel esou vill Länner an der EU wéi haut. Et ass also liicht, fir sech den Aarbechtswolumen vum europäesche Gerichtshaff virzustellen. Déi bestehend Gebailechkeete ginn da mat Sécherheet net méi duer.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Präis vun den Aarbechten um Palais de Justice - also d'Vir-

bereedung vun den Aarbechten, den Désamiantage, de Contrôle an de Suivi vun den Aarbechten um europäesche Gerichtshaff - ass op 843 Milliounen Frang festgesat. Dëse Montant läit jo wäit iwwert dem Montant vun 302 Milliounen. Den Artikel 99 vun eiser Verfassung spillt also, an e speziellt Gesetz huet missen ausgeschafft ginn. De Statsrot hat iwwregens logescherweis dorop higewisen.

Ech hoffen, datt d'Dépenses déi festgesate Rumm net iwwerschreide wäerten, wat awer fraglech ass, well esou komplizéiert Aarbechte sinn ëmmer fir eng Iwwerraschung gutt.

De Staatsrot huet verschidde méi formell Ännerungen am Intitulé wéi och am Text gemaach, ouni datt doduerch säin Accord zu dësem Gesetzesprojet a Fro gestallt gi wär. Déi Dokumenter, déi de Statsrot gefrot huet, ier d'Gesetz konnt gestëmmt ginn, leie vir. Esou gëtt et also kee Grond, fir de Gesetzesprojet net ze stëmmen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Gesetzesprojet ass schnell duerch déi verschidden Instanze gaangen. Et ass ze hoffen, datt d'Aarbechten um Kierchbiereg genau esou schnell wäerte goen, fir datt den europäesche Gerichtshaff endlech all déi Bureauen zur Verfügung huet, déi dës wichteg Institutioun fir eng effikass Aarbecht brauch.

Zum Schluss wëll ech d'Chamber bidden, de Projet esou ze stëmmen, wéi d'Chamberkommissioun et virgeschloen huet.

Ech wëll op alle Fall den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet ginn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Jean Asselborn agedroen.

Discussion générale

M. Jean Asselborn (LSAP).- Här President, de Rapporteur huet et gesot. Et gëtt kee Grond fir géint dat Gesetz ze stëmmen, dofir stëmme mir dofir.

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den Här John Schummer.

M. John Schummer (DP).- Genau wéi den Här Asselborn, géif ech och dem Här Bourg vun dëser Plaz aus merci soe fir säi ganz detailléierte Rapport. Ech géif domat den Accord vun der Demokratescher Partei zu dësem Projet ginn.

M. le Président.- Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, ech géif mech mengen zwee Virriedner uschleissen an och den Accord vun onser Fraktioun ginn.

M. le Président.- D'Mme Renée Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Här President, esou einfach kommen d'Kollegen an d'Kolleeginnen net dovun. Ech wollt eigentlech eng ganz kuerz Ried halen. Ech maachen dat och, mä si ass dann awer am Verglach méi laang wéi deenen aneren hir.

Den éischte Punkt deen ech wollt opwerfen, betrëfft dee groussen Zäitraum dee mir hei feststellen, tëschent dem Erkenne vun deem Problem vum Asbest an deem concernéierte Gebai an deene konkrete Mesüren déi geholl goufen. Et huet relativ laang gedauert. Am Fong ass schonn zënter Ufanks den 80er Jore bekannt, datt den Asbest e Problem an de Gebaier ass.

Wa mir elo hei den Exposé des motifs liesen, da gesi mir, datt am Fong eréischt 1996 déi konkret Décisioun geholl ginn ass, fir d'Gebai ze raumen an ze décontaminéieren. Dat ass eiser Meenung no zevill laang. Dat Beispill Asbest misst ee sech dann och zu Häerz huelen, fir an anere Fäll méi schnell ze reagéieren a vläicht och Bericht vum Experte méi schnell seriö ze huelen, well et jo och ganz kloer hei ëm d'Gesondheet vun de Leit geet.

Den zweete Punkt ass d'Systematik vum Virgoen. Mir haten déi Fro och an der Kommissioun opgeworf an de Verrieder vun der Regierung gestallt. Et ass sécherlech net esou, datt dat hei Gebai dat Eenzezt ass, wou de Problem vum Asbest sech stellt.

Mir kruten och konfirméiert, datt de Stat do anscheinend systematesch virgeet, fir Décontaminatiounen ze maachen, zum Beispill um 22. Stack vum Héichhaus, am Kueb oder och am Bâtiment Monnet sinn esou Aktiounen geschitt, oder och zu Esch an der Grénger Schoul oder am Gebai vum Michel Lucius. Dat sinn elo alles staatlech Gebaier, wou esou Saachen duerchgefouert gi sinn.

Et stellt sech awer d'Fro, Här President, ob et zum Beispill um Gemengenniveau och esou systematesch Aktiounen ginn an ob et do eventuell nach öffentlech Gebaier ginn, wou déi Problematik hei och besteet. Ass do op iergendenger Plaz eigentlech en Iwwerbléck, fir datt déi systematesch Décontaminéierung am Asbest hei am Land wierklech stattfënnt? Dat ass déi eng Fro déi een opwerfe muss.

Déi aner ass déi, ob d'Envergure dann och all Kéier richtig erkannt gëtt. Mir haten zum Beispill hei an der Stad de Problem vum Theater. Do ass am Ufank gemengt ginn, dat wär eng ganz punktuell Saach, wou een agräife misst an do wäere just Plazen am Keller betraff. Déi Gréng hu vun Ufank u gesot, dat wär net esou an et sollt een ënnersichen, ob dat méi en allgemenge Problem an deem Gebai wär.

Ech ka mech erënneren, datt deemools eng zimlech Polemik rondrëm dee Sujet gefouert ginn ass, an datt mir am Fong virgeworf kritt hunn, mir géifen do Panikmache maachen, wéi mir gefuerdert hunn, datt den Theater misst direkt zougemaach ginn. Finalement huet en dann awer

missen zougemaach ginn, well tatsächlech festgestallt ginn ass, datt dee Problem vill méi global wär. Et ass och festgestallt ginn, datt déi Firma, déi sech drëm gekëmmert huet, vläicht net direkt mat der ganzer Wourécht erausgeréckelt ass.

Dofir menge mir och, datt wann een informéiert gëtt, datt eng Asbestproblematik besteet, een dann der Saach och misst méi op de Fong goen, wéi dat an alle Fäll bis elo ëmmer geschitt ass.

Nieft de Gemenge stellt sech dann och nach de Problem vun den individuellen Haushalter. Ech denken do haaptsächlech un d'Nuetsspäicheriewen. Mäi Kollege Camille Gira wäert no mir och nach kuerz zu där Problematik Stellung huelen. Och hei menge mir, Här President, datt ee misst systematesch virgoen. Et misst am Fong eng richteg Sensibiliséierungsaktioun gemaach ginn. Dat ass am Moment net de Fall. Et ginn awer wahrscheinlech nach eng Rei vun Haushalter, déi esou Apparater bei sech doheem stoen hunn an och net wëssen, wat fir eng Geforequell, datt si eigentlech do am Haus hunn.

Dat sinn déi méi allgemeng Punkten, déi ech hei wollt opwerfen. Ech wollt awer och nach ee Wuert zum Gebai selwer soen, iwwert dat mir haut hei eigentlech schwätzen. Ech sinn do informéiert ginn, datt d'Problematik vum Asbest do net déi Eenzeg wär, déi an deem Gebai besteet, mä datt zum Beispill och e Problem mam Schimmelpilz besteet. Do gëtt souguer vu Leit gesot, datt deen nach wäit méi grave wär, wéi dee vum Asbest.

Well ech d'Informatioun elo eréischt kritt hunn, wollt ech do och d'Fro stellen, wéi wäit datt déi Klimaanlag, an där de Schimmelpilz ass, och ersat oder décontaminéiert gëtt. Och do gëtt et da Schächt, déi misste gebotzt ginn. Iwwregens ass et oft esou, datt bei ale Klimaanlagen déi Schächt kënnen aus Asbest, respektiv aus Mineralwoll sinn, esou datt sech déi Problematik do nach eng Kéier stellt. Wéi gesot, ech hätt nawell gär och dozou Informatiounen, ob dee Problem bekannt ass an ob dorop reagéiert gëtt.

Dat gesot, si mir als Gréng frou, datt dee Projet hei virläit, fir d'Asbestproblematik an deem konkrete Fall hei endlech unzegoen, well dat och eng laangjäreg Fuerderung vun eis ass a mir eis schonn zënter Joren dofir asetzen, fir dee Problem unzegoen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Den Här Bourg huet d'Wuert.

M. Willy Bourg (CSV), rapporteur.- Här President, ech wollt der Mme Wagener dobäi soen, datt an der Konstruktioun den Asbest ëmmer am gebonnenen Zoustand virkënn. Wann een den Asbest schlofe léisst, da geschitt näischt. Et gëtt mol esou gesot.

Dat heescht, den Délai spillt do guer keng Roll. Ob dat elo an dräi oder a véier Joer gemaach gëtt ass net d'Fro. Et soll een et maachen, wann een déi richteg

Technik dofir huet, Mme Wagener. An deem Fall ass et da besser et gëtt e Joer méi spéit gemaach, wéi e Joer ze fréi.

Ech wëll an deem Zesammenhang och drun erënnere, datt och Asbest an den Eternitsdiech ass. Wann een net do dru geet, da geschitt näischt. Mä wann een dru schappe geet, fir Champignonen oder soss eppes erof ze kréien, da gëtt ganz vill Asbest fräigesat. Do kucken d'Leit net duerno. Do ass och eng Opklärung noutwendeg.

Et ass datselwecht mat deenen Autoen, déi nach ëmmer mat Asbestbremsen dorëmmer fueren. Wann een do op d'Brems dréckt, gëtt och eng Asbestwollek fräigesat. Ech wollt dat och nach dobäi soen.

M. le Président.- Den Här Camille Gira huet d'Wuert.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Ech wollt kuerz zu där Problematik schwätzen, déi d'Mme Wagener schonn ugedeit huet, an zwar déi vun den Nuetsspäicheriewen. Mir sinn am Réidener Kanton op déi Problematik opmierksam ginn, am Kader vun eiser Energiespuercampagne "Komm spuer mat".

An zwar ass et esou, datt déi zéng Gemengen all Haushalt, deen esou eng Nuetsspäicherheizung aus sengem Haus erausgehäit an duerch eng Masuttheizung oder soss eng modern Heizung ersetzt, 20.000 Frang gëtt. Et ass einfach ekologeschen Onsënn, fir mat Elektresch ze hëtzen. Dat ass vill ze vill eng wäertvoll Energie, fir domat Hëtzt hierzustellen. Domat soll ee Kraaft hierstellen, awer keng Hëtzt.

Et gëtt eng ganz Rei Produkter vun esou Iewen, déi wirklech bannendra mat Asbest gefëllt sinn. Do stelle sech eng Rei Problemer.

Den éischte Problem ass deen, fir eng seriö Cam-pagne bei de Leit ze maachen an eventuell en Inventaire ze maachen an ze kucken, wéivill Haushalter mir iwwerhaapt nach mat elektreschen Heizungen hunn a wéi eng mat Asbest verseucht sinn.

Déi zweet Saach wär, fir d'Installateuren an d'Elektriker opzeklären an op d'Geforen opmierksam ze maachen.

Dee schlëmmste Problem ass awer dee finanziellen. Mir hunn un zwee, dräi konkrete Beispiller erlieft, datt wann een déi Saache wëllt fachgerecht entsuergen, een déi dann net op der Plaz opmaache kann, mä et muss e Kran kommen, fir déi schwéier Apparater - déi e puer Honnert Kilo weien - aus dem Haus eraus ze huelen. Dann ass ee mol ganz séier tëschent 50.000 a 60.000 Frang lass, fir dat iwwerhaapt mol aus dem Haus eraus ze huelen.

Da kënnt nach déi fachgerecht Entsuegung dobäi. Och do ass ee séier tëschent 50.000 an 100.000 Frang

lass. Sou datt d'Entsuergung vun där aler Heizung méi deier gëtt wéi d'Installatioun vun engem neie System.

Mir sinn awer der Meenung, datt dat do e spezifesch Fall ass, wou ee sécherlech deene Privathaushalter, déi sech an der Zäit an der gudder Meenung dat do installéiere gelooss hunn, déi Käschtchen net opbrumme kann. Dat wär wierklech ongerecht.

Esou wéi mir am industrielle Beräich deelweis Hëllef opgestallt hunn, fir PCB-Transformatore fréizäiteg ze entsuergen, mengen ech datt et misst machbar sinn, fir vläicht am Kader vun der Konventioun - iwwert den Ëmweltfong geet et net, well dee fir d'Gemengen ass - mat der Superdreckschicht ze soen, datt déi Firma sech géing där ganzer Problematik unhuelen. Ech weess net, ob déi selwer équipéiert sinn, fir dat do ze maachen, mä vläicht kënne si en sous-traitance eng aner Firma beoptragen.

Ech géif en Appell un d'Regierung maachen, fir hei en Effort ze maachen an e Programm opzestellen an de Leit d'Käschte vun der Entsuergung an deem do Fall ofzehuelen. Soss riskéiere mir zwee Scénarien. Entweder maachen d'Leit net mat bei deem Programm a loossen hir Heizung stoen, wat wierklech ekologeschen Onsinn ass, oder et gëtt gebastelt an op iergendeng onprofessionnell Manéier ginn déi Heizungen am Haushalt lass gemaacht.

Da geschitt grad dat, wat den Här Bourg elo gesot huet. Wann ee se stoe léisst, geschitt net vill. Mä wann ee se net professionnell entsuert, dann ass den Asbest herno an den Haiser. Da riskéiere mir ganz Haiser missen ze entsuergen, wat sécherlech herno géif méi deier ginn.

Dofir en Appell un d'Mme Minister fir déi Iddi mat an d'Regierung ze huelen an dem Ëmweltminister an deem zoustänneg Statssekretär den Optrag ze ginn, fir esou ee Programm auszeschaffen.

Ech géif dofir merci soen.

M. le Président. - D'Wuert huet elo d'Ministesch fir öffentlech Bauten, d'Mme Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics. - Har President, ech soen dem Rapporteur an der Kommissioun merci fir déi schnell Aarbecht, déi si geleescht hunn. Well et läit eis um Häerz, fir esou séier wéi méiglech mat der Entsuergung vum Gebai vum Palais de Justice unzefänken an dann zu gläicher Zäit de Projet vun engem leschten Ausbau op deem do Site virunzedreiwen. Mir hunn dee muer um Programm vum Regierungsrot.

Ech denken och domat e Bäitrag fir eng gutt Politique du siège geleescht ze hunn. Mir wëssen, datt et jo och zu eiser genereller Politik gehéiert, datt mir déi europäesch Institutiounen hei am Land esou installéieren, wéi si dat verlaangen a wéi dat och wichteg ass, fir se hei ze behalen.

Ech kann op déi Froen, déi d'Mme Wagener gestallt huet, nëmme bedéngt äntwerten. Well d'Fro vum Schimmelpilz ass och net u mech erugedroe ginn. Ech wäert déi awer un d'Techniker weider ginn a kucken, wéi mir kënne domat kloer kommen.

D'Opfuerderung vum Har Gira, fir dee Message mat an d'Regierung ze huelen an en deenen anere Kollege matzedelen, kann ech och unhuelen.

Ech soen der Chamber merci, wa si dese Projet stëmmt.

M. le Président. - Den Här Strotz huet nach d'Wuert.

M. Nicolas Strotz (CSV). - Mir hunn dee Projet am Detail diskutéiert. D'Mme Minister war dunn net dobäi, mä ech kann d'Mme Wagener awer berouegen, datt aus deem ganze Gebai alles bis op d'Struktur erausgeholl gëtt. Da gëtt alles nei gebaut, esou datt dee Problem, dee si elo nach huet, mat geléist gëtt.

M. le Président. - D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen dann elo zu der Lecture vun den Articlele vum Projet de loi 4638 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Articlele 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo iwwert de Projet de loi of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet ass eestëmmeg mat 52 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Norbert Hauptert), MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Willy Bourg), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Claude Wiseler) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par Mme Simone Beissel), Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. John Schummer), MM. Jean-Paul Rippinger (par M. Alexandre Krieps), Marco Schroell (par M. Gusty Graas), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie

Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Mars Di Bartolomeo), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero (par M. Gast Gibéryen) et Gast Gibéryen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mir elo zu der Diskussioun iwwert de Projet de loi 4626 iwwert de Contrôle des changes. Et hu sech schonn ageschriwwen: Déi Häre Krecké, Graas, Gibéryen a Bausch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Norbert Hauptert.

5. Projet de loi 4626 portant modification de l'arrêté grand-ducal modifié du 10 novembre 1944 relatif au contrôle des changes

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, esou wéi ee sech am Sport no engem intensiven Effort soll auslaffe loossen, soll d'Chamber sech no deene Strapaze vun de leschte Wochen net einfach zur Rou setzen, mä sech och auslaffe loossen. An ech wäert mat deem klengen Projet hei dozou bäidroen, datt mir all zu der néideger Rou kommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, duerch den Arrêté grand-ducal vum 10. November 1944 iwwert de Contrôle des changes, deen an der Zwëschenzäit eng etlech Kéieren ofgeännert ginn ass, krut d'Regierung den Optrag fir d'Auslandspaiementer vun eise Land ze iwwerwaachen an dofir déi néideg Informatiounen fir d'Opstellung vun eiser Balance des paiements ze sammelen an ze verschaffen.

Den Artikel 2 vun deem Arrêté grand-ducal gesäit vir, datt fir d'Dauer vun der Association monétaire belgo-luxembourgeoise des Missioun dem Institut belgo-luxembourgeois du change uvertraut soll ginn. Duerch de Règlement grand-ducal vum 12. Januar 1993 ass de STATEC als kompetent Autoritéit fir d'Opstellung vun der Lëtzebuerger Balance des paiements designéiert ginn. Dës Aufgab soll de STATEC op Grond vun sengen eegenen Donnéeën, vun deene vum deemolegen Institut monétaire luxembourgeois a vun deene vum Institut belgo-luxembourgeois du change erleedegen.

Dësen institutionelle Kader gouf duerch d'Schafung vun der Lëtzebuerger Zentralbank verännert, déi am

Kader vun der europäescher Wirtschafts- a Währungsunion a vun der europäescher Zentralbank eng Rei Obligatiounen operluegt kritt huet, ënner anerem déi, fir d'Donnéeën iwwert d'Lëtzebuerger Balance des paiements ze liwweren.

Den Arrêté vun 1944 muss doduerch vu Grond op iwwerschaft ginn, fir deem neie Konzept vun der drëtter Phas vun der europäescher Wirtschafts- a Währungsunion, an deem eist Land obligéiert gëtt eng eegen a komplett Balance des paiements opzestellen, Rechnung ze droen. Dës Revisioun huet awer nach Zäit bis Enn 2001, wann den Institut belgo-luxembourgeois du change seng Aktivitéit definitiv astellt.

Bis dohi soll awer den Transfert vun den Aufgabe vum Institut belgo-luxembourgeois du change virbereet ginn. De Projet deen hei virläit soll dee gesetzleche Kader schafen.

Op Grond vun der Schafung vun enger Lëtzebuerger Zentralbank gëtt et noutwendeg fir d'Responsabilitéiten, wat d'Opstellung vun der Balance des paiements vu Lëtzebuerg ubelaangt, fir d'Relatioun tëschent dem STATEC an der Zentralbank nei ze definéieren.

Dës Opdeelung lehnt sech enk un déi un, déi tëschent der Europäescher Zentralbank an dem Eurostat am selwechte Kontext um europäesche Plang besteet. Deemno soll d'Lëtzebuerger Zentralbank zoustänneg gi fir d'Opstellung vun de Finanzoperatiounen a vun eiser gesamter Positioun mam Ausland, esou wéi fir d'Evaluatioun vun den Investitiounsrevenue. De STATEC dogéint soll fir d'Opstellung vum Compte de capital a vun der Balance courante - mat Ausnahm vun den Investitiounsrevenue -, esou wéi fir d'Enquêtes iwwert déi direkt auslännesch Investissementer zoustänneg ginn.

Den zweete Paragraph vum Projet preziséiert, wéi d'Lëtzebuerger Zentralbank an de STATEC sech déi néideg Donnéeën verschafen, fir hiren Aufgabe gerecht ze ginn. Et sinn dat hir eegen Donnéeën, déi vum Institut belgo-luxembourgeois du Change an déi vun aneren Administratiounen. Zu deem Zweck gëtt bei der Lëtzebuerger Zentralbank eng gemeinsam Base de données geschafen, déi vun deenen zwou Verwaltungen fir d'Opstellung vun der Balance des paiements ka consultéiert ginn. Doduerch soll verhënnert ginn, datt nei administrativ Belaaschtungen fir d'Betriber entstinn.

De véierte Paragraph vum Projet gesäit vir, datt déi zousätzlech Onkäschen, déi der Zentralbank duerch d'Schafe vun där gemeinsamer Database entstinn, iwwert de Statsbudget erëmbezuelt ginn.

De Statsrot an d'Chambre de Commerce hunn e positiven Avis zu dësem Projet ginn, an d'Finanz- a Budgetskommissioun huet unanime beschloss, der Chamber virzeschloen, de Projet, sou wéi e vun der Regierung virgeschloen gouf, ze adoptéieren. Heimat wëll ech och d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu deem Projet ginn.